



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch  
Fro Nr. 7464 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

De Smartphone ass aus eiser haiteger Gesellschaft net méi ewechzedenken; reegelméisseg fanne sech nei Applikatiounen a Funktionalitéiten, déi dem Smartphone eng ëmmer méi grouss Wichtigkeet an eisem alldeegleche Liewe ginn.

Ee responsablen Ëmgang mam Smartphone ass dofir vu grousser Bedeitung. Ob am Enseignement fondamental (EF) oder am Enseignement secondaire (ES), kann d'Schoul hiert dozou bäidroen, de Kanner a Jonken esou een Ëmgang ze vermëttelen.

Et gëtt dofir kee generelle Smartphone-Verbuert envisagéiert. Et sief drun erënnert, datt d'Bildschirmzäit am Allgemengen eent vun den Themen ass, déi bei den Interventioune vu BEE SECURE an de Schoulen ugeschwat ginn, an dorunner, datt d'Schülerinnen an d'Schüler ë. a. am Fach *Digital Sciences* sensibiliséiert gi fir e responsablen Ëmgang mat de Medien, mat deenen si sech ëmginn.

Donieft gëtt et souwuel am EF wéi am ES aktuell schonn e reglementaresche Kader fir d'Benotze vum Smartphone.

Fir den EF präziséiert den Artikel 2 vum *Règlement grand-ducal modifié du 7 mai 2009 concernant les règles de conduite et l'ordre intérieur communs à toutes les écoles*: « *Les téléphones portables des élèves sont éteints pendant le temps de classe, pendant les récréations, et à l'intérieur des bâtiments scolaires. (...), l'utilisation, de quelque fonction que ce soit, d'un téléphone portable ne peut se faire que dans le respect le plus strict vis-à-vis des autres membres de la communauté scolaire.* »

Fir den ES seet den Artikel 25 vum *Règlement grand-ducal modifié du 23 décembre 2004 concernant les règles de conduite dans les lycées*: « *Sauf autorisation expresse de l'enseignant, les téléphones portables et autres appareils électroniques des élèves sont éteints pendant le cours. L'utilisation des téléphones portables et d'autres appareils électroniques dans l'enceinte du lycée est réglementée par la charte scolaire.* »

An de Chartes scolaires grad wéi an de Règlements d'ordre intérieur vu ville Lycéeë gëtt de Sujet vum Smartphone thematiséiert. Nieft dem responsablen Ëmgang mam Smartphone geet et och drëms, den Unterrecht net ze stéieren; net seele mussen d'Schülerinnen an d'Schüler dofir hiren Handy um Unfank vun enger Unterrechtsstonn an eng speziell Këscht leeën a recuperéieren en dann erëm no der Stonn.

Fir de Fall, wou en Abus mam Handy virläit, präziséiert dee selwechten Artikel 25: « *Toute publication et tout objet trouvés en possession d'un élève peuvent être confisqués s'ils sont de nature à troubler l'ordre scolaire.* » Et sief awer gesot, datt et sech heibäi net ëm eng definitiv Konfiskatioun am juristesche Sënn handelt, mee datt e Schüler säi Smartphone kann temporär ofgeholl kréien.

Lëtzebuerg, den 31. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH